

Partner, als ee Kompetenz- a Ressourcenzenter eebe fir Sport a Beweegung. Dat erlaabt et dann och de multiplen Acteuren an eiser Gesellschaft, fir méi séier a méi effikass Programmer a Konzepter a Kohärenz mat der Sportsphilosophie „Lëtzebuerg lieft Sport“ ze erstellen an och unzabidden.

An zesumme mat den Hiewelen, déi de Sportsministère duerch seng Subsidien an der Hand huet, fir zum Beispill Sportsinfrastrukturen ze realiséieren oder d'Atellung vu Personal ze férdere, sinn ech dovun iwwerzeegt, dass entscheidend Akzenter an der Sportsentwicklung hei gesat kënne ginn, ouni datt d'Autonomie an de Fonctionnement vun de Fédérations an Fro gestallt ginn.

Ech ginn och dervun aus – an den Här Clement huet et gesot –: Jo, déi Ausbildungen, déi net hei zu Lëtzebuerg ugebuede ginn, déi kann een dann am Ausland maachen. Ech mengen, datt do d'Experience vun där nächster Zäit eis wäert déi richteg Renseignementer ginn. Ech fannen et awer richteg, dass mer fir d'éischt kucken, wat mer hei zu Lëtzebuerg kënnen ubidden, an dass mer net duerch d'ganz Welt solle reesen, wann et eng Formatioun gëtt, déi s de och hei zu Lëtzebuerg kéints maachen. Mee ech mengen, dass d'Experience an den nächste Wochen a Méint eis do wäert hëllefen.

Nieft der Berodung fënnt d'Qualitéitsentwicklung awer och duerch d'Formatiounen vun deenen einzelnen Acteuren statt. Den INAPS ass fir d'Trainerausbildung och hei déi richteg Plaz, fir dann och d'Cadres administratifs, déi dann och den Dirigeants vun de Strukturen am Sport responsabel sinn, déi richteg Plaz (veuillez lire: Den INAPS ass grad ewéi fir d'Trainerausbildung dann och déi richteg Plaz fir d'Formatioun vun de Cadres administratifs, déi dann och als Dirigeants vun de Strukturen am Sport responsabel sinn). Den INAPS ënnerstëtzt als Kompetenzzenter déi verschidden Institutiounen vun der Education nationale an der Héichschoul, fir am Beräich Sport a Beweegung d'Entwicklung vun de Formatiounen séier an effizient opzebauen an och ëmzesetzen.

An hei géif ech da gär op d'Fro vum Här Mischo agoen, wat de BTS Sportmanagement ugeet. Ech sinn net bei all deenen Diskussiounen, well dat jo och en Deel Education ass, mat derbäi. Ech weess, datt et do awer Diskussiounen gëtt. Mee menges Wëssens ass do nach keng definitiv Decisioun gefall. An ech sinn iwwerzeegt, wann déi Decisioun bis gefall ass, dass Der dat dann och direkt matgedeelt kritt.

Eng ganz wichteg nei Missioun ass natierlech och dann d'Definitioun an d'Entwicklung vun de Beruffer am Sport a fir och hir Formatiounen ze ënnerstëtzen, fir dass de Secteur vum Sport sech hei zu Lëtzebuerg och qualitativ héichwäerteg professionaliséieren an entwéckele kann. Dir wësst, ech si wierklech der Meinung, dass et hei net laanscht eng op d'mannst emol deelweis Professionalisatioun geet, an dat besonnesch am Fédérations- an am Veräinssport.

Fir dass d'Zesummenaarbecht INAPS a Fédérations optimal klappt an esou d'Qualitéitsentwicklung vun der Offer an de Veräiner Hand an Hand zesumme promouvéiert ka ginn, mussen d'Strukture vun de Fédérations natierlech och gestärkt ginn. A fir de Fédérations an deem Sënn eng Handlungsméiglechkeet ze ginn, hu mir zum Beispill de Poste vum Chargé de développement et de formation geschaf. Fir déi Formatiounen kann een also eng finanziell Ënnerstëtzung vum Sportsministère ufroen. An duerch eng enk Zesummenaarbecht mam INAPS kënnen hir Besoinen a puncto Berufsprofiler quantitativ a qualitativ opgeschafft ginn, fir esou de Secteur vum Sport nohalte ze professionaliséieren. Dat muss natierlech dann och an der Zukunft weider geféiert ginn.

Den Invest an dësen Institut huet natierlech eng gewëssen Envergnung – ech wëll déi och net klengspillen –, souwuel wat de Budget wéi och wat d'Personalkäschten ugeet. Mee deen Invest an d'Qualitéitsentwicklung gëtt awer dréngend gebraucht. Ech hu virdru gesot: Mir kënnen net nëmmen dovunner schwätzen, mee mir mussen och do Suen investéieren. Déi Moyene brauche mer onbedéngt. Ech sinn iwwerzeegt, dass den INAPS vill derzou bäidroen wäert, dass de Sport an d'Beweegung sech hei zu Lëtzebuerg qualitativ wäerten héichwäerteg entwéckelen an datt de Bewegungsmangel gesamtgesellschaftlech an alle Liewensofschnëtter, vu Kleng bis Grouss, wäert kënne bekämpft ginn.

Dann nach d'Äntwert op eng Fro vum Här Lamberty: Natierlech hu mir reegelméisseg Kontakt mam COSL. Et ass jo evident, dass mer dat reegelméisseg maachen. Mee natierlech ass et och kloer fir eis, dass eng Administratioun vum Sportsministère och hir eege Missionen muss hunn an och hir eegen Daseinsberechtigung an och hir eege Politik – wann ech dat emol kann esou soen – muss kënne verfolge. An dat wäerten déi och maachen. Ab September 2023 wäerten dann och d'Sportseducateuren hir Ausbildung kréien. Dir wësst, dass mer dee Projet do och scho virgestallt hunn.

Da war nach eng lescht Fro vum der Madamm Oberweis, oder et ware Remarken, wat déi sozial Mesuren ugeet. Ech kann Iech do nëmme Recht ginn, wat déi sozial Mesuren ugeet, dass, wa mer d'Leit stäerken, fir datt se kënne mat hire Kanner Sport maachen, dass dat alles eng richteg Saach ass. An deenen nächsten Deeg wäerte mer och hei de Fënnfjoresplang, wat d'Sportsinfrastrukturen ugeet, kënne stëmmen. 135 Milliounen wäerten do an deenen nächste fënnf Joer dann investéiert ginn. Ech mengen, dass et wichteg ass, datt mer déi richteg Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg dann och hunn.

Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Sportsminister Georges Engel. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8090. Den Text steet am Document parlementaire 8090⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8090 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8090 est adopté à l'unanimité des 59 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Cloeser (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves

Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par M. Yves Cruchten), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

11.8135 – Projet de loi relative à la construction et à l'équipement d'un centre sportif à Belval, et à l'aménagement des alentours

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 8135 iwwert de Bau vun engem neie Sportszentrum um Belval. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapporteuse vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, Här Minister, am Projet de loi 8135 geet et ëm e Finanzéierungsgesetz fir de Bau vun engem Sportkomplex inklusiv sengen Alentouren um Belval. De virleiende Projet soll d'Regierung also ermächtigen, um Site Belval-Ouest en neie Sportzentrum fir e Maximalmontant vun 114,32 Milliounen TTC ze bauen, an dëst wéi ëblech mat enger semestrieller Adaptatioun vum maximale Käschtepunkt en fonction vun der Variatioun vum Baupräisindex. D'Konstruktioun vum Gebai, d'Équipement souwéi den Aménagement vun den Alentouren gi vum Fonds Belval realiséiert.

D'Implantatioun an d'Konstruktioun vun dësem Centre sportif hu sech an éischter Linn duerch de Besoin u Sportinfrastrukturen, deen duerch d'Uni Lëtzebuerg souwéi weider schoulesch Etablissements an der Gégend entstanden ass, erginn. De Sportkomplex wäert haaptsächlech fir d'Lycéeën an d'Grondschoulen aus der Region souwéi fir d'Uni Lëtzebuerg zur Verfügung stoen. Allerdéngs kënne fräi Plagen och vun de Fédérations, de Sportsveräiner oder fir Trainerformatiounen an Usproch geholl ginn.

(Brouhaha)

De Programme de construction gouf zesumme vum Educatiounsministère, ...

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen nach eng Kéier de selwechten Appell: Et wier gutt, wann et esou wier, datt d'Madamm Gary dierft am haartste schwätzen.

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Merci.

De Sportkomplex wäert haaptsächlech fir d'Lycéeën an d'Grondschoulen aus der Region souwéi fir d'Uni Lëtzebuerg zur Verfügung stoen. Allerdéngs kënne fräi Plagë vun de Fédérations, de Sportsveräiner oder fir Trainerformatiounen an Usproch geholl ginn. De Programme de construction gouf zesumme vum Educatiounsministère, dem Ministère fir Enseignement supérieur et de la Recherche an dem

Sportsministère elaboréiert. Dëse Centre sportif um Belval wäert en Enseignement de qualité um Niveau vun der Éducation sportive garantéieren an, wéi gesot, dem Sportsbesoin vum Terrain gerecht ginn.

Follgend Infrastrukture sinn hei geplangt:

– e Centre de natation mat enger Schwämm, Vestiären a Logistik. Hei kommen dräi Basenge vu 25 op 15 Meter, woubäi der zwee e mobile Buedem hunn,

– e Centre pédagogique mat enger Hal vun 30 op 27 Meter, Stockageraum an engem separaten Enseignementssall,

– e Centre multisports mat enger grousser Hal vu 27 op 60 Meter, déi a sechs Unitéiten deelbar ass, engem Muskulationsraum, engem Arts-martiaux-Sall, Squash, Klammen an natierlech och de Vestiäre mat Duschen a verschiddene Logistik- respektiv Stockageraimlechkeeten,

– eng Entréeshal mat Accueil, Garderob, Local informatique, Infirmerie a Sanitaires

– an eng Administratioun mat siwe Büroen, engem Reunionsraum, engem Local informatique, enger Kitchennette, Archiv- a Kopieraum, Sanitaires an engem Botzraum.

D'Surface nette vun dësem ganze Komplex bedréit 10.923 m². Derbäi kommen dann awer nach e Souterrainparking vu ronn 8.500 m² genee wéi och e grousser Sportsterrain vun 100 op 50 Meter an zwee Outdoor-Multisportsterraine souwéi dräi Beachvolleyballterrainen an e Fitness- an Joggingparcours mat nach eng Kéier 8.250 m² Nettofläch, wat dann zesumme mat weidere kleng Strukturen an de Gréngflächen en Total vu bal 20.000 m² Nettobaussefläch mécht.

(Brouhaha)

Här President, ...

M. Fernand Etgen, Président | Här Di Bartolomeo, wannechgelift!

(Exclamations)

Madamm Gary, Dir dierft weiterfueren.

M. Dan Kersch (LSAP) | Här President.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Also dat do, dat war elo wierkech deplacéiert!

M. Fernand Etgen, Président | Nee, Dir waart déi ganzen Zäit amgang, hei ronderëmzetréppelen, Här ...

M. Dan Kersch (LSAP) | Hei sinn awer nach ni Nimm genannt ginn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Ma dat ass, fir dass mer eisen Ordre du jour kënnen anhale muer!

M. Dan Kersch (LSAP) | Hei sinn nach ni esou Nimm genannt ginn, Här President!

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Här President, den Terrain, wou de Sportzentrum soll gebaut ginn, befénnt sech am Parc Belval, engem Espace paysager, deem als Erhuelungs- an Entspannungsraum konzipéiert gouf an d'Wunnvéierele Belval-Nord a -Süd mam Quartier mixte Square Mile verbénnt.

Dann zur Accessibilité: D'Lokalisatioun vum Centre sportif garantéiert eng gutt Accessibilitéit un den ëffentlechen Transport. D'Zuchgare souwéi zwee weider Busarrête befanne sech am 500-Meter-Rayon. Da wäert d'Linn vum séieren Tram, dee geplangt ass, och hei fueren an e weidere Schoulbusarrêt kënn derbäi, soudatt och d'Accessibilitéit fir de Schoultransport garantéiert ass. En plus ass de Vël'Ok-Réseau och hei konnektéiert an d'Avenue du Blues, déi parallel zu de Schinne verleeft, garantéiert den Accès fir de motoriséierten Individualverkéier.

Dann, fir nach kuerz op d'Architektur anzugehen: D'Haaptkonzept vum Centre sportif spigelt d'Volontéit zréck, fir e beschtméiglech a säin Environnement ze integréieren, soudatt et mat senger Couverture paysagère quasi no enger Verlängerung vum Parc Belval ausgesäit. Den Daach vum Gebai, deem aus lauter verschiddene begrängte Fläche besteet, ass och gréisstendeels zougänglech fir de Public a bitt flott Point-de-vuen.

Déi exakt Opdeelung vun de verschiddene Säll an Halen, vun den Outdoorterraine souwéi déi weider detailléiert Präzisiounen zu der Opdeelung kënn Der, wéi gewinnt, a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Wéi ech virdru scho beschriwwen hunn, soll dëse Sportkomplex a säin Ëmfeld mat afléissen. Fir d'Konzept vum engem Landschaftsgebai ze stäerken, ass d'Enveloppe extérieure haaptsächlech vun enger Holzverkleedung bedeckt a mat Mineralwoll-Dämmpannoe wärmeisoliert. De Projet ass des Weidere virbildlech, wat d'Nohaltegekeetskrittären ugeet. D'Daachfläche sollen zum ganz groussen Deel begrängt an zum Deel och mat Straich a Beem beplantz ginn a begeebar sinn. A mat enge 450 Pannoe soll d'Notzung vun der Sonnenenergie trotzdem net ze kuerz kommen.

Och bei de Baumaterialie gëtt e besonnesche Fokus op Nohaltegekeet a speziell och op Zirkularitéit geluecht an ëmmerhi 70 % vun de Materialie fir de Bau kënn spéider recycéléiert ginn a just 5 % missten op d'Decharge. Et ass direkt bei der Planung op eng Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen vum Bau opgepasst ginn, wat zu engem Aspuernis vun direkt schonn 20 % par rapport zur Standardbauweis gefouert huet. Insgesamt geet de Projet dofir och, wat Heizen, Killen a generellen Energiebedarf ugeet, dättelech iwwert d'Mindestzufuerderunge vun Energiepass eraus. An och d'Gesondheetsaspekter vun de Baumaterialie sinn eng weider Prioritéit bei dësem Projet.

An als lescht flott Beispill, ouni elo hei alles opzezielen: Den Dréinkwaasserbedarf konnt an der Planung ëm 15 % reduzéiert ginn an d'Ultrafiltrationstechnik fir de Waassertraitement vun der Piscine erlaabt carrement en Aspuernis vu 40 % par rapport zu engem normalen Traitement. De Staat respektiv de Fonds Belval an dësem Fall gëtt senger Virbildfunktoun also absolutt gerecht.

Här President, mat dësem Sportzentrum, also dësem Projet de loi, stëmme mer deemno e ganz innovativen, nohaltegen an héichwäertege Sportinfrastrukturprojet. Hei ginn enorm vill verschidde Sportméiglechkeete fir Jonker gebueden, dat indoor an och outdoor. Dem Besoin um Terrain gëtt Rechnung gedroen an dorüwer eraus ginn nach vill weider Offere geschaf.

Ech si ganz frou, datt de Rapport den 22. Juni dëst Joer, d'lescht Woch also, an der zoustänneger Kommissioun eestëmmeg ugeholl ginn ass, an ech hoffen, datt mer dann och de Mëtten eestëmmeg wäerten ofstëmmen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Chantal Gary.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Georges Mischo ageschriwwen. Här Mischo, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Georges Mischo (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci der Rapportrice fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. De Centre sportif um Belval ass keng nei Errungenschaft, mee leider en Trauerspill an eng Odyssee. 2011 ass de Lycée Bel-Val opgaangen an 2013 scho sollt de Centre

sportif um Belval seng Dieren opmaachen, an dat huet net nëmmen d'Sportsproffe vum Lycée Bel-Val gefreet. Mee leider ass et näischt ginn.

Et huet elo zéng Joer gedauert, bis de Projet de loi an d'Chamber komm ass. Dat ass traureg, einfach traureg fir de Sport, awer och fir allegueren déi Sportbegeeschtert. D'Schülerinnen an d'Schüler vum Lycée Bel-Val hu misse jorelaang op Monnerech kutschéiert ginn, fir iwwerhaupt kënnen schwammen ze goen. Et ass net nëmmen eng Verschwendung vun Zäit an de Coursen, mee och eng Verschwendung vu Suen. Mee och d'Formatioun vun de Studentinnen a Studenten, déi Sport am Fondamental wëllen enseignéieren, huet dorënner gelidden, well déi méi wéi néideg Sportinfrastrukture bis haut gefeelt hunn an nach ëmmer feelen.

Datt d'Architektin vum Fonds Belval d'Konzeptioun vum Centre sportif iwwerholl huet an de Sportsministère just säin Avis gefrot ginn ass, ass fir mech, oder fir eis, net seriö. Firwat si keng Veräiner oder Federatiounen gefrot ginn? Zum Gléck konnt de fréiere Commissaire aux sports sech duerchsetze bei der Fuerderung no dräi 25-Meter-Basengen. Dat war déi richteg didaktesch Decisioun. Elo bleift just ze hoffen, datt de Fonds Belval flexibel genuch ass, fir souwuel de Lycée Bel-Val wéi och d'Schülerinnen an d'Studenten vun der Uni, awer och d'Veräiner vu Suessem an Esch an der Ëmgégend vun de Sportinfrastrukture profitéieren ze loosse.

Doraus ergëtt sech eng Fro: Wie gëtt iwwerhaupt Bedreier vun deem ganze Centre sportif? Soll dat de Fonds Belval sinn oder soll dat nach en anere sinn? Plage-horairé fir de Sport an de Sporthalen, awer och an de Schwämmen, gëtt et, mengen ech, ni genuch, dat ass virdrun am Projet de loi och schonn erauskomm.

Mir ënnerstëtzen als CSV trotz deem enorme Retard de Centre sportif um Belval, mee mir halen en A op d'Entwécklung a virun allem awer och op d'Notzung vun dësen neie Sportinfrastrukturen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Mischo. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty.

M. Claude Lamberty (DP) | Jo, villmools merci, Här President. An och als Allérischt e grouss Merci der Rapportrice, dem Chantal Gary, fir dëse Rapport. Et ass schued, dass de Sportsminister erausgaangen ass, well dat hei huet ganz vill mat Sportpolitik am Land ze dinn a mir hunn, wéi den Här Mischo gesot huet, virdrun duerwer geschwat, wat mer strukturell alles kënnen driwwer dee Projet virdru verbessern.

Ech soen awer och ganz kloer: Mir brauchen an Zukunft weider Investitiounen och an d'Sportinfrastrukturen, well ouni Sportinfrastrukture kann och déi bescht Sportpolitik näischt erreechen. Dofir sinn esou Projekte wéi deem hei absolutt ze begrëssen. Ob dat elo e bësse méi laang gedauert huet? Ech kann Iech als Escher Buergermeeschter verstoen, dass Der dat esou gesitt. Mee natierlech si mer trotzdem frou, dass mer dat haut kënnen esou ofstëmmen, well déi Sportinfrastrukturen, déi gi gebraucht, notament wann ee bedenkt, dass de Schoulsport, och d'Federatiounen an och déi lokal Klubb sollen dovun kënnen profitéieren. Dat ass de Wee. Eis Populatioun ass um wuessen. Ma mer gär hätten, dass mer eng gesond Sportpolitik kënnen ëmsetzen, brauche mer d'Infrastrukturen.

An dofir ginn ech heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Lamberty. An da wier et um honorabelen Här Carlo Weber.

M. Carlo Weber (LSAP) | Här President, Kolleeginnen a Kollegen, merci der Rapportrice, dem Chantal Gary, fir dee gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Mat dësem Finanzéierungsgesetz iwwer 114 Milliounen Euro erméigleche mer dem Fonds Belval, de Sportzenter um Belval ze realiséieren, dee laang op sech waarde gelooss huet. Mat der Konzeptioun vum Projet, dee mer an der Kommissioun presentéiert kruten, gëtt een de Besoinen vun der Uni Lëtzebuerg, de Schoulen a Lycéeën aus der Regioun souwéi de Sportveräiner gerecht.

Op enger Gesamtsurface vu 50.000 m² entsteet hei en eenzegaartege moderne Sportkomplex. Et gëtt fir jiddereen eppes am sportleche Beräich ugebueden: am Schwammsportzentrum iwwer fënnf Unitéiten, zwou dovun mat engem beweeglechen Hubbuedem, deen et erméiglecht, fir divers Aktivitéiten unzëbiden, am Multisportzentrum zéng Sportsäll plus eng Kletterwand, an den Anlage baussen ee grousses syntheetesch Terrain, zwee Multisportterrainen, dräi Beachvolleyballterrainen an e Fitness- an Joggingsparcours mat Beleuchtung. Insgesamt schwätze mer hei vun engem moderne Sportkomplex, wou nief der Schoulorganisatioun déi fräi Plagë reservéiert gi fir Sportveräiner an d'Sportfederatiounen.

Wat d'Accessibilitéit an d'Mobilitéit betrëfft, fanne mer op dësem Site eng wichteg Ubannung un den effentlechen Transport. Zuch- a Busarrët befanne sech an engem Rayon vu 500 Meter. Et ass och geplangt, datt deen zukünftige séieren Tram och dës Site desservéiert. Mobilitéit douce: Vélosweeër a Vélostatiounen sollen och eng praktesch Verbindung ginn zu de Quartiere ronderëm.

Deen neie Sportkomplex ass och e Beispill, datt de Staat selwer beim Bau vun neie Projekte mam gudden Beispill virgeet an d'Nohaltegkeet am Kär vu senge Projete integréiert. Et ass impressionnant, datt beim Bau vun dësem Projet op nohaltege Baumaterialien zréckgegraff gëtt, wou Stand haut 70 % recycléierbar sinn. Dozou wäerte mat 450 hybride Solarpannoen a Fotovoltaik e groussen Deel vun Energieverbrauch vun dësen Gebailechkeeten kënne gedeckt ginn.

Ofschléissend soen ech jidderengem e grouss Merci, deen un dësem Projet matgeplangt a bis elo matgeschafft huet, a ginn heizou natierlech den Accord vu menger Partei, der LSAP-Fraktioun, a soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Weber. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Fred Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Merci wëll ech och der Rapportrice soe fir de Rapport. An ech wëll och direkt soen, dass mir dat heiten natierlech matstëmmen, well mir brauchen natierlech hei am Land ëmmer méi gutt Sportsinfrastrukturen, souwuel Schwämme wéi och Sportshale wéi och Fussballterrainen a soss Terraine fir dobaussen. Mir hunn eng Populatioun, déi ëmmer méi wisst an noutgedronge brauche mer also och déi néideg Infrastrukturen, fir dass d'Leit hire Sport kënne maachen. Grad hei si mer jo och an der Gemeng Suessem an der Gemeng Esch, wou et jo och zum Beispill u Fussballterraine feelt fir déi verschidde Veräiner.

Wa mer vu Veräiner schwätzen, dierf een awer och net vergiessen, dass mer hei am Land och en anere Problem hunn. Dat heescht, et geet net nëmmen drëms, fir d'Infrastruktur auszebauen, mee mir hunn och hei am Land proportionell zur Bevëlkerung ëmmer manner Veräiner. Et sinn all Joers ëmmer erëm Fussballveräiner, déi verschwannen, an och am Basket an am Handball kommen der ganz rar bäi. Dat heescht, et ass

éischter eng Tendenz fir manner Veräiner pro Awunner, an dat ass och eppes, wat eis sollt Suerge maachen.

Duerfir ass et ganz wichteg, d'Veräiner ze ënnerstëtzen. A grad hei bei dësem Projet mengen ech, dass ee misst de Veräiner do wierklech ganz staark entgéintkommen, fir dass si déi Infrastrukturen esou gutt wéi méiglech an esou einfach wéi méiglech kënne benotzen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Keup. An da wier et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Ech soen hei just vun eiser Fraktioun aus: Endlech! Endlech! Et ass gesot ginn, et ass e Projet, dee scho ganz, ganz laang op sech waarde léisst an deen dréngend gebraucht gëtt. An e läit iwwerengs op Suessemer Terrain an net op Escher Terrain. Dat wëll ech just nach hei preziséieren.

An d'Veräiner brauchen effektiv déi do Plazen, mee och d'Schoulen. Mir hunn net genuch Schwämme – et ass alles scho gesot ginn –, mir hunn net genuch Terrainen. An deen heite Projet ass wierklech e flotte Projet. Et ass en nohaltege Projet. Ech mengen, et ass wierklech e Projet, dee sech weise léisst, an e muss elo esou séier wéi méiglech realiséiert ginn, fir datt d'Leit och dovunner kënne profitéieren.

Dofir vun eis aus natierlech den Accord an e grouss Merci un d'Rapportrice fir en exzellente mëndlechen a schrëftlechen Rapport.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Chantal Gary fir dee gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Och mir wäerten dës wichteg Sportsinfrastruktur fir de Süde matstëmmen.

M. Sven Clement (Piraten) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Vizepremier François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech wëll fir d'éischt Merci soen, Här President, fir déi unanimes Zoustëmmung fir dës Projet. An ech wëll just op eng Remark agoen, déi vum Buergermeeschter vun Esch gemaach ginn ass, wou e sot, dass dat esou laang gedauert huet. An ech weess nach net esou richtege, op wat en domadder eraus wollt. Ech kann em just soen, mä Ministère, an och de Fonds Belval an deem hei Fall, deen hei jo baut, dee baut dat Ganz. A wat e baut, dat hänkt dovun of, wat déijéineg, déi gären eppes gebaut hätten, gären dran hätten.

Donc, wéi séier mir ukommen, hänkt natierlech vun Emprisëproblematiken of oder vläicht och nach aneren, oder heiansdo och Autorisationsproblematiken. Hei war dat awer net de Fall, wëll ech direkt soen. Mee et hänkt awer och dovun of, datt déi eenzel Acteure sech mussen eens ginn. An deem heite Fall sinn et der jo zwee, déi eis soen, wat dann de Programm ass. A wann déi Programmer dauernd änneren an esou weider, da brauch dat seng Zäit.

Dat huet natierlech och domat ze dinn, dass verschidde Besoinen ëmmer erëm geännert hunn an där Regioun do par rapport zu Lycéeën, déi bäikomm

sinn, déi gebaut gi sinn, vergréissert gi sinn. Dat heescht, mir hunn natierlech och en immensen Drock op eisem Schoulwiesen. Dat ass sécherlech ee Grond, firwat dann dauernd d'Programmer ëmmer erëm änneren. Mee ech wëll dat awer hei ënnersträichen: Et ass net, well de Fonds Belval net éischter hätt wëllen ufänke mat bauen, datt dat net méi séier gebaut ginn ass.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Minister. Parole après ministre fir den Här Mischo.

M. Georges Mischo (CSV) | Merci, Här President. Ech weess, wien d'Decisioun geholl hat, dass dat soll zréckgedréckt ginn. Mee dat ass och elo egal. Mee Dir hutt mir net meng Fro beäntwert, wie Bedreiwer vum Centre sportif soll ginn.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, also et ass jo esou, datt alles wat ... Hei si jo och gemëscht Utilisatiounen. Et ass d'Uni zum Deel, déi matmécht, et si Lycéeën. Ech ginn emol dovun aus, datt et de Fonds Belval ass. Mee wann et de Fonds Belval net ass herno, da wär et éischter e Lycée, deen et mécht, dee Lycée, dee be- traff ass. Mee mir huelen net en Drëtten, dat ass ganz sécher. Dat géif jo kee Sënn maachen an dat maache mer och néierens souwisou. Ech ginn emol a priori dovunner aus, ech mengen, dat Sënnvollst wär hei, wann de Fonds Belval selwer och responsabel wär fir d'Exploitatioun vun deem Ganzen, wat a sech och keng Schwierigkeeten herno wäert ginn.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Minister François Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8135. Den Text steet am Document parlementaire 8135².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8135 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8135 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Dan Biancalana), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

12. 8119 – Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Principauté d'Andorre portant reconnaissance réciproque et échange des permis de conduire nationaux, fait à Luxembourg, le 22 mars 2022

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 8119, en Accord mat Andorra iwwert déi géigesäiteg Unerkennung an den Austausch vu Förschäiner. Op Proposition vum der Kommissioun gëtt no der Presentatioun vum der Madamm Rapportrice ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vum dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Jessie Thill.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Jessie Thill (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Mam Projet de loi 8119, deen de 16. Dezember 2022 vum Ausseminister Jang Asselborn deposéiert gouf, ratifizéiere mer de bilaterale Accord, deen den 22. Mäerz 2022 ënnerschriww gouf tëschent onsem Grand-Duché an der Principauté Andorra iwwert déi géigesäiteg Unerkennung an den Austausch vum der nationale Förschäiner.

Haut schonn huet Lëtzebuerg änlech Memorandums of Understanding mat Hongkong, den Arabeschen Emirater an och Groussbritannien säit dem Brexit. Förschäiner aus Länner aus dem Europäesche Wirtschaftsraum ginn hei zu Lëtzebuerg unerkannt, wann dës Länner d'Konventioun vu Genf vum 1949 iwwert d'Circulation routière oder déi vu Wien aus dem Joer 1968 iwwert de Stroosseverkéier ënnerschriwwen hunn. Ëmgedréint ass dat awer net ëmmer de Fall.

Fir hire Förschäiner an e lëtzebuergesche Förschäiner ëmschreiwen ze loossen, huet eng Persoun zwoelf Méint Zäit no hirer Arrivée zu Lëtzebuerg.

Andorra huet awer keng vun deenen zwou viregte Konventiounen ënnerschriwwen, d'fir kënnen d'Permissen och net einfach transkribéiert ginn. Mat dësem Accord awer ginn d'Reegele vun dëser Transkriptioun festgehalen an et gëtt déi géigesäiteg Unerkennung vun de Förschäiner vun den zwou Länner agefouert.

De Staatsrot hat keng Observatiounen zum Projet de loi an d'Chambre de Commerce begrësst an hirem Avis dëse Projet de loi.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun bleift ze soen, datt de Projet de 15. Juni 2023 an der Kommissioun virgestallt an examinéiert gouf an ech selwer zur Rapportrice bestëmmt gouf. De schrëftleche Rapport, op deen ech och fir weider Detailler verweisen, hu mer den 22. Juni 2023 eestëmmegeg ugeholl. A wéi vun dem Här President scho gesot gouf: Well et eng grouss unanime Zoustëmmung gouf, ass dunn decidéiert ginn, dass et keen Debat géif ginn.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Villmools Merci, Madamm Rapportrice Jessie Thill.

D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Ech soen der Madamm Thill Merci fir den exzellente Rapport an och fir d'Zoustëmmung, huelen ech un, vun der Chamber.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Minister. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8119. Den Text steet am Document parlementaire 8119³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8119 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

13. 8167 – Projet de loi autorisant le Gouvernement à financer l'acquisition, l'opération et la maintenance d'environnements cloud spécialisés, dénommés « Luxembourg Cyber Defence Cloud », ainsi que ses composantes et services connexes

De leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 8167 iwwert d'Finanzéierung, den Ënnerhalt an d'Gestioun vun der Luxembourg Cyber Defence Cloud. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vum dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Empain.

Rapport de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice | Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir

Hären, Här Minister, mir hunn haut erëm e Finanzéierungsgesetz an der Defense virleien. An nodeems mer rezent e Projet gestëmmt hunn, wou et ëm de Satellitteberäich gaangen ass ...

(Brouhaha)

Et ass iergendwéi haut, ech weess net, iergendeppes an der Loft, d'Leit hunn en enorme Besoin, ze kommunizéieren ënnerteneen.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Mir lauschteren no.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice | Dir lauschtert ëmmer no. Jo, et ass ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | All Wuert!

(Brouhaha)

Mme Stéphanie Empain (déi gréng), rapportrice | Voilà, nodeems mer rezent e Projet gestëmmt hunn, wou et ëm de Satellitteberäich gaangen ass, stëmme mer haut e Projet aus dem Beräich Cyber. Mir hu jo eng Spacestrategie a mir hunn eis och 2021 parallel dozou eng Cyberstrategie ginn. An dëst Dokument stécht dann och de Kader of fir d'Evolutioun vun der lëtzebuergescher Defense am Beräich vun der Cyberverdedegung. De Projet vun haut, dee mer haut wäerte stëmmen, reit sech also an dës Cyberstrategie an a stellt nief der „Cyber Range“, déi schonn en place ass, en zweete Projet duer, fir dës Strategie mat Liewen ze fëllen.

Wat sinn elo déi grouss Ziler vun dësem Projet op laang Siicht? Et geet drëm, eis Defense ze cybersecuriséieren an domadder Virreider an der EU an an der NATO ze ginn. An et geet natierlech och drëm, eis eng Expertise opzebauen an deem Beräich, déi mer dann och kënnen un eis Partner weiderginn. Natierlech geet et och drëm, eis konform ze setze mat den Ufuerderungen, déi mer op internationalem Niveau imposéiert kréien. A mir mussen natierlech och eng Äntwert op déi digital Transformatioun fannen, déi sech extrem schnell entwéckelt. Munchmol brauch een och extrem staark Rechecapacités, zum Beispill bei Analyse vu Cyberattacken, an och do kann déi Cloud hëllefen, well se dat eebe bidde kann.

Wéi sech dat elo genau an der Praxis deklinéiert, dat ass eng ganz technesch informatesch Geschicht. Ech wäert versichen, dat an einfache Wieder eng kéier plus/minus erëmzeginn. Et handelt sech hei ëm eng net effentlech Cloud, déi zu Lëtzebuerg hebergéiert ass an déi d'Méiglechkeet bitt, héich sensibel a klassifizéiert Donnéeën ze stockéieren an och ze traitéieren. Privat Clouds sinn net iwwert den Internet erreechbar, hir Leitunge sinn dedizéiert fir den Endnotzer reservéiert, soudass keen aneren dorobber zrëckgräife kann. Hir Stockage- a Rechecapacités sinn evolutiv, kënnen sech also enger zukünftiger Demande dann och upassen. An als logistesche Ënnerstëtzung bei dësem Projet hu mer och hei op d'NSA zrëckgegraff, déi souwuel am Niveau vun der Acquisitioun, der Implementéierung wéi och der Exploitatioun wäert agéieren.

D'Luxembourg Cyber Defence Cloud wäert haapt-sächlech Projeten hebergéieren, déi zur Resilienz vu Lëtzebuerg bäidroen, also am Beräich vun de kritischen Infrastrukturen, déi duerch Cybermenacen och bedrot sinn, déi zum kollektiven Effort de défense bäidroen oder déi eis strategesch Objektiv an der Lëtzebuergescher Defense stärke wäerten. Fir dat mat e puer Beispiller ze ënnerleeën: Hei kéinten zum Beispill informatesch Solutiounen fir de Stockage vun numereschen Preuveen exploitéiert ginn. Et kënnen awer och Plattformen hebergéiert ginn, déi international, also gemeinsam exploitéiert ginn, zum Beispill am Kader vu multilateralen Acquisitiounsprojeten. Awer och de Stockage respektiv den Traitement vu sensibelen Satellittebiller wär zum Beispill méiglech.